



Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 433 vum 7. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler an vum honorabelen Deputéierten Här Gusty Graas.

De Programm fir Kolorektalkriibs-Screening huet am Januar 2021 ugefaangen, als Suite vun engem Pilotprogramm, dee vun 2016 bis 2019 gelaf ass. De Pilotprojet hat d'Ziel, déi bescht Approche vun sou engem Programm fir Lëtzebuerg ze bestëmmen. D'Detailer vum Pilotprojet a seng Resultater goufen 2019 an engem Bulletin de liaison publizéiert a sinn disponibel op www.sante.public.lu¹. An der Pilotphase hat de Participant de Choix zwëschent enger Coloscopie d'emblée oder engem Test fir Blutt am Stullgang feststellen (Test FIT). Am Resumé kann ee vir d'Pilotphase folgend Resultater festhalen : Den Taux de participation louch bei 25%, ronn 40.000 FIT-Tester si gemaach ginn, an 2.775 Coloscopien, woubäi 1.387 Leit op mannst ee Polyp am Daarm haten. Dovu waren 523 Polypen « haut risque » (d.h. Risiko fir Kriibs zäitno ze entwéckelen), an 91 Persoune mat Daarmkriibs si fonnt ginn.

Aktuell gesäit de neie Programm ëmmer fir t'éischt een FIT-Test vir an duerno, bei engem positive Resultat, eréischt d'Méiglechkeet vun eng Coloscopie.

Iwwersiicht vun den éischten dräi Joer vun der voller Implementéierung vum Programm (2021-2023):

Indikatoren	2021	2022	2023	Total
Invitatiounen verschéckt (Alterskategorie : 55-74 Joer)	63.744	64.865	66.121	194.730
Ufroen fir een Test-Kit	19.405	21.370	20.185	60.960
Tester duerchgefouert	16.644	18.350	17.510	52.504
Positiv Tester	1.511	1.185	1.083	3.779
Äntwertquote op d'Invitatioun	33.80%	37.46%	34.46%	35.23%
Quote vu positiven Tester	9.08%	6.45%	6.19%	7.24%

¹ [Évaluation du Programme de dépistage organisé du cancer colorectal - Portail Santé - Luxembourg \(public.lu\)](http://www.sante.public.lu)
(Programme de dépistage organisé du cancer colorectal : évaluation de la phase pilote).



Et ass wichteg ze erwänen, dass d'Invitatioune 23 Méint gültig sinn, wat d'Resultater vun 2022 an 2023 nach provisoiresch mécht.

Et ass och néideg drop hanzeweisen dass ee positive Screening Test nach keen definitiven Noweis fir Daarmkriibs ass, mee dass d'Diagnos nach mat anere Méttel (z.B. Coloscopie) muss confirméiert ginn.

Verschiede Mesurë goufen ergraff fir d'Deelhuelen um Programm ze verbesseren, besonnesch während dem "Mars Bleu":

- Participatioun um Relais pour la vie mat engem Informatiounsstand
- Präsenz op lokale Mäert
- Gezielt Email Campagnen un Dokteren a Gesondheetsfachleit
- Campagnen op de sozialen Netzwierker

Weider Campagnen si geplangt, wéi zum Beispill d'Verdeele vun Informatiounsflyeren beim Erneiere vum Führerschäin souwéi och aner visuell Campagne fir de grand public.

Vu September 2024 un wäerten och Tester direkt an den Apdikten disponibel sinn, fir esou den Zougang zum Screening ze vereinfachen.

Dësweideren ginn an Zukunft d'Testkits automatesch un d'Participant'en geschéckt déi schonn virdrun um Screening deelgeholl hunn.

De Screening ass gratis fir d'Leit, a gëtt cofinanzéiert vun der Gesondheetsdirektioun an der Nationaler Gesondheetskeess. Dësen Dépistage Programm kascht de Staat ronn 500.000 Euro am Joer. Dozou kënnt 1,5 Equivalent plein temps Agent de l'Etat, déi sech ëm d'Koordinatioun vum Programm këmmere.

Falls no engem positive Screening Test eng Coloscopie gemaach gëtt fir déi definitiv Diagnos, dat gëtt dës iwwert den normale Wee verrechent a vun der nationaler Gesondheetskeess rembourséiert.

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2024

D'Ministesche fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez